Service National
de la Jeunesse

## Selektioun vum Appel à projets

# - GITT DOBAUSSEN AKTIV –

## am Kader vun der Initiativ

DOBAUSSEN
AKTIV

Am Kader vun der Initiativ „Dobaussen aktiv“ huet den SNJ en Appell lancéiert fir Projet’en, déi d’Méiglechkeeten an d’Potential vum Dobaussen notzen, de Kanner a Jonken Ureegungen a Spaass bidden a si motivéieren vill Zäit am Fräien ze verbréngen. Des Projet'en konnten souwuel am Beräich Beweegung, wéi och Kreativitéit oder Experimentéieren an Entdecken sinn.

Den SNJ krut 29 Projet’en vun Crèchen, 19 Projet’en vun Maison relais’en a 6 Projet’en vun Jugendservicer zougeschéckt. Duerch déi grouss Unzuel un intressanten Dossier’en am Enfanceberäich, ass decidéiert ginn jeeweils zwee Projet’en vun Crèchen a Maison Relais’en ze ënnerstëtzen. D’Projet’en enthalen innovativ Elementer, bidden Inspiratioun fir aner Strukturen an versichen d’Kanner an déi Jonk bei all Wieder ze motivéieren eraus ze goen.

Mir freeën eis d’Selektioun vun de Projet’en, déi mir pedagogesch betreien an finanziell ënnerstëtzen, ze presentéieren.

Am Laf vun der Ëmsetzung vun de Projeten, wäerten Fotoen an Updates op dëser Säit ze fannen sinn.



## Beschreiwung vum Projet aus dem Jugendservice:

**<u>Outdoor Camp vun de Jugendhaiser vun elisabeth Jeunesse</u>**

Mat dësem Projet soll een Outdoor Camp vun 3 Deeg fir Jonker aus de Strukture vun elisabeth Jeunesse organiséiert ginn. Zil vun dëser Erfarung soll d'Entstoe vu flotte Momenter ënner Jonken an d'Sensibiliséierung fir d'Natur souwéi d'Afrostellen vun hirem Medienkonsum sinn, ouni déi modern Technologie wëllen ze verdäiwelen. Als Preparatioun op dësen Event am Fräien, gi Gruppespiller proposéiert an d'Planifikatioun vun den Aktivitéite souwéi vum Material fir de Camp wäert op participativ Aart a Weis mat de Jonken zesummen assuréiert ginn. Wärend dem ganze Projet wäert de Grupp vum Outdoor-Expert Kris Clees begleet a berode ginn.



## Beschreiwung vun de Projet'en aus de Maison relais :

1 **Projet „Wierderstatioun" vun der Maison relais vun Kietscht**

Bei dësem Projet ginn verschidden Wiederphänomener (Sonn, Reen a Wand) analyséiert. Fir datt d'Kanner alleng verschidde meteorologesch Phänomener entdecken a verstoen kënnen, gesäit dëse Projet de Bau vu verschiddene meteorologesche Statiounen (Sonnewisen, Wand- a Reenmiessstatiounen) vir, déi am Bausseberäich vun der Maison relais installéiert ginn a fräi zougänglech fir d'Kanner sinn. Sou kënnen d'Kanner Ännerungen am Wierder observéieren, d'Wiederstatiounen manipuléieren a probéieren, selbststänneg Äntwerten op hir Froen ze fannen.



2

## Projet Trëppeltour vun der Maison Relais vun Ell

An dësem Projet kreéieren d'Kanner en interaktive Wanderwee an der Gemeng, fir dee si d'Responsabilitéit iwwerhuelen. Si markéieren de Wee mat der Hëllef vu Äscht a selwer gemaachte Smileyen. Am Ufank vum Wee bidden d'Kanner de Benotzer e Panneau mat Erklärungen zum Wee a verschidden Aktivitéiten, fir de Wee interaktiv ze notzen. Zousätzlech sinn d'Kanner verantwortlech fir de Wee propper ze halen. Op dës Manéier léieren d'Kanner Verantwortung an der Gemeng an fir hir Ëmwelt ze iwwerhuelen. Zudeem kënnen d'Kanner hiren Elteren de Weekend de Wee weisen, woduerch d'Elteren als Benotzer Deel vum Projet ginn.



## Beschreiwung vun Projet’en aus de Crèchen :

**1** **<u>Projet « Petit à petit, l’oiseau fait son nid... » vun der Crèche Pomme d’amour vun Krauthem</u>**

Mat hirem Projet wëll d’Crèche Pomme d’amour d’Kanner fir d’Natur an d’Ëmwelt sensibiliséieren. Dofir wandelen si, mat Hëllef vun der Ligue de protection des Oiseaux, hire Gaart als Refuge fir Villercher ëm, mat allem wat dat och fir d‘Fauna an d’Flora mat sech bréngt. Dësen natierleche Léiergaart soll fir d’Kanner zu enger Plaz vum Austausch an der Beobachtung ginn, wou villfälteg Aktivitéiten a Relatioun mat der Ëmwelt, am Wiessel vun de Joreszäiten an dem Liewenszyklus vun de Villercher stattfannen.



## 2 Projet „Bei de Wiichtelen“ vun der Crèche vu Keespelt

De Projet vun der Crèche Keespelt baut op der Geschicht "Wini & Wanda“ (geschriwwe vun engem Member vun der pedagogescher Equipe) op a verbënnt d‘Entdecke vun der Natur, Aspekter vun der nohalteger Entwécklung, kreativ Workshops, sportlech Aktivitéiten dobaussen an Team-Geescht. D’Kanner ginn - grad wéi kleng Wiichtelen - ugereegt, hir direkt Ëmgéigend (Beem, Planzen, Déieren) an hir Verännerungen am Laf vun de Joreszäiten ze beobachten. All des Entdeckungen, Beobachtungen an Aktivitéiten, déi d’Kanner bei dësem Projet maachen, ginn an engem perséinlechen Album mat Fotoen dokumentéiert an all Kand kritt säin eegent Geschichtebuch. De Projet leeft iwwer 3 Méint.

